LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

INSTITUT NATIONAL
DES LANGUES
LUXEMBOURG

ASCHREIFFORMULAIRE FIR DE SPROOCHENTEST LËTZEBUERGESCH

Sessioun:	

	☐ Fra ☐ Mann		
Numm:			
Virnumm:			
c/o, Adress,			
Postcode, Uert			
Gebuertsdatum:		Gebuertsuert:	Gebuertsland:
Nationalitéit:			
Telefonsnummer:		E-Mail:	
Sprooch fir de Courrier:	☐ Däitsch ☐ Franséisch	☐ Lëtzebuergesch	
Ech géif den Test gäre maachen am:	☐ INLL Glacis (op enger Tablette)	☐ INLL Glacis (op Pabeier)	
	☐ INLL Belval (op enger Tablette)	☐ keng Preferenz	

Déi 75€ sinn op de Konto BCEE No. LU52 0019 3155 4636 4000 vum Institut national des langues Luxembourg, Examens ze iwwerweisen.
Leet wgl. bei dësen Aschreifformulaire déi Dokumenter bäi déi op der Récksäit genannt sinn.
Heimat erklären ech, datt ech doriwwer informéiert sinn, datt eng Tounopnam vum mëndlechen Test gemaach gëtt*.

Ënnerschrëft: _____ Datum: _____

WÉI KANN EE SECH FIR DE SPROOCHENTEST ASCHREIWEN ?

D'Aschreiwung muss spéitstens e Mount virum Datum vum Test am Institut national des langues Luxembourg gemaach ginn.

Fir sech anzeschreiwe muss de Kandidat dës Dokumenter ofginn :

- En ausgefëllten Aschreifformulaire
- Eng Fotokopie vu sengem auslännesche Pass
- Eng Bankquittung, déi beweist, datt d'Aschreifkäschte vu 75 Euro op de Konto BCEE No. LU52 0019 3155 4636 4000 vum « Institut national des langues Luxembourg » bezuelt gi si mat der Matdeelung « Examen - Sproochentest ».

Am Fall, wou de Kandidat keen auslännesche Pass huet, musse Kopië vun dësen Dokumenter am Dossier sinn:

- Eng Identitéitskaart, déi vun dem zoustännegen auslänneschen Amt ausgestallt ginn ass
- E Reesdokument fir Refugiéen, ausgestallt vum Ministère des Affaires Etrangères
- E Reesdokument fir Staateloser, ausgestallt vum Ministère des Affaires Etrangères
- E Reesdokument fir Auslänner, ausgestallt vum Ministère des Affaires Etrangères
- Eng Carte de séjour, ausgestallt vum Ministère des Affaires Etrangères et de l'Immigration
- En Zertifikat vum Ministère des Affaires Etrangères et de l'Immigration, Direction de l'Immigration, dee beweist, datt de Kandidat als Refugié am Sënn vun der Konventioun vu Genève vum 28. Juli 1951 unerkannt ginn ass

Wann den Dossier mat der Post geschéckt gëtt, gëllt den Datum vum Poststempel fir d'Aschreiwung.

Nëmme Kandidaten, déi e kompletten Dossier am INLL ofginn, si fir de Sproochentest zougelooss. All Dossier, dee um leschten Aschreifdag nach net komplett ass, gëtt op déi nächst Sessioun verluecht.

De Kandidat kritt 14 Deeg virum Test de geneeën Datum an d'Auerzäit matgedeelt. Wann de Kandidat dësen Horaire net respektéiert, gëtt e vum Test ausgeschloss.

All Kandidat muss sech virum Sproochentest mat deem selwechten Dokument ausweise kënnen, dat als Kopie a sengem Dossier läit.

E Kandidat, deen net an den Test kënnt a keng Entschëllegung huet, kritt seng Aschreifkäschten net erëm a muss sech nei aschreiwen.

Et kënnen net méi Kandidaten ageschriwwe ginn, wéi fir eng Sessioun virgesi sinn an d'Demandë ginn der Rei no ugeholl. D'Kandidaten, déi net zréckbehale konnte ginn, gi prioritär an déi nächst Sessioun ageschriwwen.

* Règlement grand-ducal du 22 juillet 2019 relatif à l'examen d'évaluation de la langue luxembourgeoise organisé dans le cadre des procédures d'acquisition de la nationalité luxembourgeoise.